## 17/09 Weltdag vun der Patientesécherheet: Erklärung vun den ADR Fraen 18/09

Gëschter war de **Weltdag vun der Patientesécherheet**. D'ADR Fraen huelen dësen Dag als Geleeënheet fir haut, op dem 18. September 2023 ze manifestéiere fir hir Fuerderungen am Kontext vun deenen aktuellen Diskussiounen ëm de COVID an d'Kompetenze vun der WHO un d'Regierung riichten.

- 1. **D'ADR Fraen verlaangen e**n éierlechen Ëmgang mat de **COVID-Impfschied** an eng séier an onbürokratesch Hëllef fir d'Affer;
- **D'ADR Fraen verlaangen** datt och zu Lëtzebuerg d'Niewewierkungen an d'Impfschied vun der Politik eescht geholl ginn an datt d'Affer séier an onbürokratesch medezineschgehollef kréien an och indemniséiert ginn.
- 2. D'ADR hat den 23.03. 2023 eng Motioun an der Chamber deponéiert fir en definitiivt Enn vun den Aarbechten un dem Gesetz zur COVID-Impfflicht vun der Justizministesch Tanson ze fuerderen. Nëmmen d'ADR war dofir.
- **D'ADR Fraen verlaangen** Impffräiheet an en definitive **Verzicht op eng COVID-Impfflicht**
- 3. D'ADR hat den 23.03. 2023 eng Resolutioun an der Chamber abruecht déi als Zil hat eng vollkommen onofhangeg Ënnersichungskommissioun iwwer d'Gestioun vun der COVID-Kris vun der Regierung ze schafen an der Chamber bis de 15. September 2023 e Rapport virzeleeën. Och déi Initiativ ass refuséiert ginn.
- **D'ADR Fraen verlaangen e**n Opschaffen an **Evaluatioun vun alle COVID-Moossnamen** duerch eng credibel a vollkommen onofhängeg Kommissioun;
- 4. **D'ADR** Fraen **verlaangen d'**Betounung vun der **Lëtzebuerger Souveränitéit och bei der WHO** (Weltgesondheetsorganisatioun).
- D'ADR-Fraen fuerderen datt am Kader vum neie „Pandemievertrag" an dem neien „Reglement iwwer déi international Gesondheetsvirschrëften", déi am Abléck a Verhandlung sinn, d'WHO keng Kompetenze kritt déi d'Souveränitéit vu Lëtzebuerg op iergend eng Manéier kéinten aschränken;
- - D'ADR-Fraen fuerderen dat all Ännerung an den internationale Gesondheetsvirschrëften muss an der Chamber debattéiert ginn;
- - D'ADR-Fraen fuerderen datt all méigleche Pandemievertrag nëmmen däerf iwwer de Wee vun der Ratifizéierung ugeholl ginn;
- - D'ADR-Fraen fuerderen datt de Finanzement vun der WHO reforméiert gëtt, esou datt exklusiv hir Memberstaaten d'Weltgesondheetsorganisatioun finanzéieren
- - D'ADR-Fraen fuerderen datt d' Decisiounsorganer an déi komplex Partnerschaften a Strukture vun der WHO méi transparent ginn, esou datt sécher gestallt ass, datt exklusiv Staate kënnen Decisiounen an der WHO treffen. D'WHA (d'"World Health Assembly"), déi 194 Memberstaaten an hire gewielten Executive Board (34 Staaten) mussen déi effektiv Kontroll an Decisiounsgewalt hunn.

Matgedeelt vun den ADR Fraen am Kader vun hirer Manifestatioun virum Gesondheetsministère, den 18/09/2023